# COMMEMORATIOUNSFEIEREN ZU HINZERT
## Samschdeg, de 16. September 2017

E Samschdeg, de 16. September 2017 organiséiert d'Amicale Hinzert an Zesummenaarbecht mam *Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale* am fréiere KZ zu Hinzert eng Commémoratiounsfeier. All Lëtzebuerger patriotisch Organisatioune sin häerzlech invitéiert sech ze bedeelegen, wa méiglech mat hire Fändelen.

De Programm fir dësen Dag :
**um 14.00 Auer as di Lëtzebuerger Feier bei der Kapell :**
d'Mass gët gelies vum Här Abbé Patrick MULLER ; fir de Gesank suergt d'Chorale « de Männerchouer Atertdaul » ënnert der Direktioun vun der Mme Adriana MITU. Si gi begleet um Piano vun der Mme Tatsiana BINCK-MOLAKAVA.
Clairon d'honneur : Här Edmond FABER.
Bei schlechtem Wieder gët déi Feier am Dokumentatiouns-Center ofgehal.

**um 15.30 Auer as déi international Feier am Dokumentatiouns-Center :**
Dëst Joër gëtt d'Usprooch gehalen vun der Generalkonsulin vun der Ukraine zu Frankfurt, der Mme Alla POLYOVA.

**<u>WICHTEG !</u> Fir dass d'Busse mat Zäit zu Hinzert ukommen, mussen d'Zäite vum Fuerplang genee agehale gin ! <u>De Bus fiert pünktlech fort !</u>**

No der Feier (géint 17.00 Auer) fuere mir mam Bus an de Bësch. Direkt um Wee bei de Gedenksteng kënnen déi Leit, déi dat wëllen, déi néideg Explikatioune kréien a si kënnen och hir Froë stellen. Déi Leit, déi léiwer an aller Rou hire léiwe Verstuerwene wëlle gedenken, kënnen dat ongestéiert bei de Griewer maachen.

## D'Horairen vun deenen 3 Bussen, déi de 16. September 2017 op Hinzert fueren :

Bus A Stephany :

| | |
|---|---|
| 10.55 | Troisvierges/gare |
| 11.00 | Troisvierges/commune |
| 11.35 | Ettelbruck/gare |
| 11.45 | Diekirch/gare |
| 11.50 | Baastenduerf |

12.25 Echternach/gare
13.35 Hinzert

Bus B Stephany : (nëmme fir d'Chorale « de Männerchouer Atertdaul »)
10.00 Redange/Attert/église
10.15 Niederpallen/2A,rue de Reichlange
10.25 Rippweiler/église
10.35 Brouch/église
12.15 Hinzert

Umeldunge fir d'Bussen A a B
Autobus Stephany Tél. : 99 81 32
bis spéitstens en Donneschden de 14. September 2017

Bus C Siedler-Thill :
10.25 Kayl/Brillplaz
10.45 Differdange/parking du contournement
11.00 Bascharage/brasserie Bofferding
11.10 Schouweiler/arrêt Hiel, rue de Dahlem
11.30 Hobscheid/école
11.50 Brouch/église
12.00 Mersch/centre Marisca
12.20 Luxembourg-Glacis (Busparking)
13.00 Wasserbillig/frontière autoroute (P+R Autobunn Richtung Tréier)
13.40 Hinzert

Umeldunge fir de Bus C
Anne-Marie Toussaint Tél. : 39 90 58
bis spéitstens en Donneschden de 14. September 2017